Déi ‚Cliärrefer' waren an deene leschte 40 Joer vill um Dill

Usprooch vum Ronny Turmes,
President vun der LLJ – JB&JW Cliärref

Här Dechen,
Här Buergermeester,
Léif Frënn a Sympathisanten van der Lëtzebuerger Landjugend,

A menger Fonktioun als President van der Landjugend Cliärref ass et fir mich eng ganz grouss Freed an Éier, Eech hokt hei an der Kierch zu Cliärref begrissen ze kannen.

D'Landjugend Cliärref feiert hokt hire 40. Gebuertsdag. 40 Joer sinn eng laang Zäit! Wann ee bei enger Persoun va 40 Joer schwätzt, ass et zimmlich sëcher, dat dann als Äntwert kënnt: Schon esou al!

Jo, schonn esou al ass d'Landjugend Cliärref an si ass stolz drop! Well mat dem Alter ass et jo bekanntlich esou, wi mat enger gudder Fläsch Wäin. Wat di Fläsch mi al ass, wat se méi wäertvoll, räif an eedel ass.

An esou ähnlich ass et och mat der Landjugend. Duerch di vill Erfahrungen, di am Lof van der Zäit gesammelt goufen - a va Generatioun zu Generatioun wegder giä guffen - ass dat eng Beräicherung an eng Investitioun an d'Zukunft van der Landjugend.

Ee ganz groussen Ënnerscheed zur der Fläsch Wäin gëtt et awer. D'Landjugend wor an deene letzte 40 Joer ganz vill um Dill an huet sich net an engem stëpsische Wäikeller verstoppt. Weil langweilig wor et bei der Lëtzebuerger Landjugend nach ni!

Vill trei an engagiert Memberen

Sou dat d'Landjugend ëmmer va junke Lekt geleet gouf an sech op vill trei an engagiert Memberen - di grisstendeels aus dem Cliärfer Kanton stammen - verloosse konnt.

An dëser Zäitspan stëcht:

- vill Fräizait, vill Aarbecht, vill Asaz fir d'Allgemenheet,
- vill mateneen erliäwen, matenee laachen an och matenee streiden,
- vill plangen, vill léieren an villes realisiren.

Op di genau Enstehungsgeschicht van der Landjugend Cliärref ginn ech hei net am Detail an. Hei sëtze Lekt, di dat vill besser erziäle kannen, wi ech. Si waren deemols - den 11. Oktober 1971 an der Grënnungsversammlung zu Lellgen dobäi. Ech wär frou, wann si eis do uawen an der Hall e bëssen dovanner erziälen kinnten. Merci datt dir hokt hei sedd fir mat eis ze feieren.

Mir soen awer och all deene kierchliche Vertrieder, den Aumônieren, de Pastier an den Schwëstere Merci. Si hann eis an all deene Joren begleet an hatten ëmmer engt opent Ouer fir eis Uleies. Ouni hir Initiativ wär d'Landjugend deemols net gegrënnt ginn.

Ech wënschen Eech all ee schéinen a gemittlichen Dag hei zu Cliärref - an eiser Landjugendgrupp nach ganz vill Joeren dobäi. Ech soen Eech Merci!